Didd. a schw. Zeit.

Diddelénger no dem Heemkommen.

An onser leschter Sendung hu mir erzielt wat alles op déi Diddelénger doheem gewart huet wéi sie no der Evakuatioun nees an hir Uertschaft waren. Haut welle mir iwwert déi hinnen oktroyéiert Neiordnung vum Okkupant erzielen.

Erënnere mer drun dass wéi ons Regierung sech den 10te Mee 1940 aus dem Staub gemaach hat, den 11te Mee vun der Chamber eng Regierungskommissioun agesat gouw. Den Albert Wehrer dén Generalsekretär vun der Regierung war gett Präsident vun der Regierungskommissioun. Membere waren d'Regierongsréit Jean Metzdorff, Joseph Carmes, Louis Simmer a Mathias Pütz. Hir Missioun war, déi lafend Staatsgeschäfte virun ze féieren. Notgedrongen huet sie awer och missen Kontakt a Verbindung mat de preiseschen Militärautoritéiten ophuelen.

Mir haten erzielt dass déi éischt deitsch Zaldoten fir d'Gegend ronderem an Diddeléng ze besetzen Muerges fréi vum 10te Mee an de Wiese bei der Cellule zu Bëtebuerg geland waren. Sie waren vum Loftlandekommando Hedderich a sie mat Fiesler Storch Flieger dohinne bruecht gin. Géingt 1/2 7 kummen déi éischt Camionen mat Infanteristen vu Bëtebuerg a si bis op d'Schlakemille gefuer. Iwwert déi éischter schwach Gefechter tëschend franséischen an deitschen Infanterie Truppen an onser Uertschaft hu mir schon erzielt. An Diddeléng selwer gouw deemno net richteg Mann géingt Mann gekämpft, fir dat preisescht Wuert ze gebrauchen. Dé gréisste Schued ass duerch den Artillerie Beschoss aus der Maginot Linn eraus entstanen. Ewé roteg war et allerdings net an onser Nopeschlaaft, militäresch gesin, erof gaangen. Desst speziell wat d'Eroberung vun der Kamperkupp betrëfft. Hei hun souwuel vill franséisch Poilu'en wéi och deitsch Infanteristen onnetz hiert Liewe misse lossen.

Vum 13te Mee un, waren nu gebitt vu Lëtzebuerg praktesch keng militäresch Konfrontatiounen méi an déi 73 st deitsch Infanterie Divisioun vum 23ten Armee Korps krut ausser hirer Kriichs a Besatzungs Aufgab och nach

d'Missioun sech em dei administrativ Artikelen ze bekëmmeren. Fir d'Verwaltung ze iwerwachen an ze koordinéieren ass den 20te Mee den deitschen Generol Von Falkenhausen als Militärbefellshaber fir d Benelux Staten agesat gin. Hien war also och zoustänneg fir Lëtzebuerg an huet d'Grand Duché a Feld-Kreis an Ortskommandaturen agedeelt. Diddeléng hat en Ortskammandant a sei Büro war, vum Mierchen Ern sëngem Buch, am Haus Lang-Schumacher an der geeunolegen Hüttestroos. Spéider an hien, et soll en Oberfeldwebel aus Eesterich gewiescht sin an d'Stadhaus geplënnert. Des Militäresch Besetzungs Verwaltung huet awer nemmen bis den 2ten August 1940 gedauert bis den Hitler de Gustav Simon, Gauleiter vum Gau Moselland, Chef vun der Zivilverwaltung fir Lëtzebuerg ~~genannt gouw~~ ernant huet.

Och dei virgenannte "Regierungskommissioun" gett scho geschwenn an Verwaltungskommissionen ëmgenannt. Hir Opgab war et also d'Staatsgeschäfte ze féieren an och mat de preiseschen Militärautoritéiten ofzespréchen an ze koordinéieren. Eng vun den éischten Décisiounen vun deser Kommissioun, natierlech ennert dem Drock vum Militär war eng Rei vu Wueren ze beschlagnahmen, an domadde d'Versuergung an d'gerecht Verdeelung am Land ze garantéieren. Heiërenner si gefall all Liewensmettelen wéi och d'Fuddermettelen fir d'Vé. Dann d'Eisen, de Stohl, Metallen, Zement, Thomasmiel, Seef, Gummi, Stoffe, Lieder Schung, Alkool, Brauntwein asw.

Den 10te Juni gi schon d'Bezugsscheiner agefouert. Schung kann een nemmen nach mat Bezugsschein kréen a fezei ~~Ø~~ mat Kleederkart.

Den 2te Juli gin d'Liewens an d'Wäschmettelen rationaliséiert.

Als ~~Bei~~ Erënnerung e Puer Beispiller:

Brot Kruteen 350 gr. pro Kapp a pro Dag

Zocker 30 gr " " "

Kaffi 10 gr " " " dofir gouw et awer och 20 gr Kaffi Ersatz pro Kapp a pro Dag

Margerine 15 gr a Botter 25 gr. pro Dag of de Kapp

Fleesch a Wurscht 100 gr pro Person a pro Dag an 2 E'er an der Woch

Séef fir sech ze wäschen 75 gr Toiletteseef oder 125 gr. Kärseef oder Marseillerseef 3
wéi mir och soen.

Fir ze wäschen hat een 250 gr Seefepolver oder 200 gr. Schwarzseef.

A fir de Bart ze machen kruten d'Männer 1 Stéck Raséierseef all 2 Mént.

Den 4te Juli gin dann och Héchstpreiser fir eng ganz Rei vun Artikele festgeluecht.

E puer Beispiller: Rendfleesch 8 fr d'Pond. d'Kalef a Schwéngsfleesch ware méi belleg an hun tëschend 6.50 a 8.75 ~~kascht~~ d'Pond kascht.

Eng bozen E'er 11 Fr. an et gow 3 Zorte vu Botter

teen deierste mat 12 fr d'Pond war de pasteuriséierte Molkerei Botter. Waren net pasteuriséiert 11 Frang an de Landbotter 10 Fr d'Pond.

Gekachten Haam war mat 12 Fr d'Pond dat deierst Fleesch.

Des Decisiounen vun der Verwaltungskommissioun sin am Ufank nach am Memorial veröffentlecht gin, bis och de Memorial ofgeschaf gouw.

Nach eng onangenehm Sach fir ons Leit déi aus der Evakuatioun heem kummen war, den ott kee Su méi an der Tasch haten, an dofir gouwen dann och zwo Vollecksküchen zur Verdeelung agericht iwert déi mir schon erzielt hun. Awer an dest, déi, déi aus Frankräich heem kummen haten neel just Franséisch Frangen am Portmonni. Fir sie hat d'Finanzverwaltung bestëmmt, den Lëtzebuerger Evakuéiert kruten franséisch Geld eentauschen. Awer nemmen Leit déi d'Lëtzebuerger Nationalitéit konnten noweisen an och nemmen bis maximal 1000 franséisch Frangen géngt lëtzebuerger Frangen. Dobei huet éen missen eng Bescheinegung vun der Gemeng hun dass een och e Flüchtling war an domadden ass een op d'Post gaangen. Hei krut een dann fir 100 franséisch Frangen 30 Lëtzebuerger E'r mir den éischten Deel vun dëser Emissioun duerch eng Musick, Paus ewech brécht nach eng Bewirkung.

Während Ufangs den éischten Deel vum deitschen Iwerfall, an Siden nach keng Leit vun de Preisen ~~~~ verhaft gouwen ~~~~ huet an aner Deeler vum Land a besonnesch an der Stad gleich den 10 Mee eng Verhaftungswell vu Lëtzebuerger ugefaangen a besonnesch déi déi als deitschfeindlech bekannt waren.

Wé gesot vum preiseschen Iwwerfall den 10te Mee hate natierlech d'Militär Autoritéiten d'Soen a wie ~~??~~ konnte jo och net genau wessen wéi d'Franzosen reagéiere géiwen. Mä aus deem wat uschléissend geschitt ass gesäit een dass Däitschland vun Ufank un domadde gerechent ~~hat~~, Lëtzebuerg an hirt gewënschten Grossdeutschland ze integréieren. Dest trotz dem deitschen Minister Von Radowitz seng Deklaratioun, dass Deitschland d'Onofhängegkeet an d'Integritéit vu Lëtzebuerg géif garantéieren an dass d'Besetzung duerch déi deitsch Wehrmacht neimmen Ziel hätt Lëtzebuerg virun engem franséischen Ugrëff ze schützen.
Awer scho geschwënn wéi scho gesot ass déi den 10te Mee separaten Regierungskommissioun an eng Verwaltungskommissioun agesat gin. Du ënnert dem Druck vun de Militär Autoritéiten huet des Kommissioun och scho vum 30te Mee un Decisiounen iwwert Warebeschlagnahmung, d'Ware Rationaliséieren an Héichstpreiser fest ~~??~~ gebuecht.
De 6te Juli, also net emol 2 Méint nom Iwwerfall gëtt am Café Bernardy zu Lëtzebuerg d'Volksdeutsche Bewegung ofgekierzt VDB vum Kratzenberg gegrënnt. D'VdB brengt vill Lëtzebuerger Suergen, fir net ze soen Verdross an schwéier Unangeneemlechkeeten. Mat allerlee Tricken a Gewaltanwendungen gin d'Lëtzebuerger gezwongen ~~deser Bewegung~~ Member vun deser Bewegung ze gin. Déi eng waren natierlech dem Druck méi stark ausgesat wéi déi aner. Z.B. Staats~~beamten~~ a Gemengebeamten. Oder wéen net wollt Member gin huet seng Arbechtsplaz riskéiert. Oder ouni Member ze sin kount ee keng oeffentlech Plaz kréien. Dann huet och d'VdB Ofzeechen um lénken Palltongsrevers misse gedroe gin. De Roff hun d'Lëtzebuerger des Spengel genannt.
Den 12te Juli huet d'Verwaltungskommissioun d'Kriegsschädenamt an d'Liewe geruff. Et war dest eng staatlech Institution wo de geschiedegten sei Kriegsschued ugemellt huet an der Hoffnung eng Entschiedegung fir sei Schued un Hoff an Haus erem bezuelt ze kréien.
Well de Krich nach net eriwwer ass a trotzdem englesch Flieger iwwert de Tull kommen gëtt d'Verdunkelung obligatoresch. Vun owens Sonnenënnergang

bis muerges Sonnenopgang dierf keng Luucht aus den Häser, Ateliéen a Ställ eraus liichten. Och d'Luuten vun den Autoen ~~a~~ a Gefierer musse verdunkelt gin.
Vum 27ten Juli un ~~Herold~~ gett d'Bezeechnung vum ~~de~~ Memorial du Grand Duché de Luxembourg mat Waffen am Titel einfach an Memorial ëmgenannt an ohni Waffen. Hei geseit een ganz deitlech wo déi nei Häiren hi wellen.

An dann de schwarzen Dag vum 2ten August 1940 wo den Hitler de Gustav Simon Gauleiter vum Gau Moselland Chef vun der Zivilverwaltung vu Letzebuerg nennt. Un ze bemierken net Chef vu Letzebuerg mä Chef vum ehemaligen Grossherzogtum Luxemburg. Heimadde gouw net nëmmen déi vum 10ten Mee un ~~...~~ agesaten Militärverwaltung ofgeléist mä och Bestoen vum Grand Duché ausradéiert.

Vun elo un kommen och keng Decisiounen méi vun der Verwaltungskommissioun mä et heescht: "Verordnung des CdZ" also Verordnung des Chefs der Zivilverwaltung.

De 6ten August kum déi iwwert de Gebrauch vun der deitscher ~~Sprach~~ Sproch. Hei heescht et: Die deutsche Sprache gilt ausschliesslich:

als Amts und Gerichtssprache — für den Unterricht —
für Tages- und Wochenzeitungen, Zeitschriften, Veröffentlichungen — für den Schriftverkehr — für Aufschriften, Schilder usw.

Französisch wird nur mehr in den höheren Schulen gelehrt.

De selwechten 6ten August kennt och offiziell déi deitsch Schutzpolizei op Letzebuerg.

Den 20ten August d'Verordnung iwwert ~~...~~ die vorläufige Einrichtung einer deutschen Strafrechtspflege in Luxemburg.

Heeranner heescht et:

Ein Sondergericht wird errichtet. Verboten sind u.a. das unerlaubte Veranstalten von Versammlungen, deutschfeindliche Kundgebungen, unbefugter Waffenbesitz, Veröffentlichung von den dem Deutschen Reich schädlichen Nachrichten usw. *15*

Heeraus geseit een dass d'Preisen sech e gesetzlech Mëttel gin, wi Letzebuerger déi net follegen, ze verhaften an anzespären.

Den 23ten August kennt Verordnung dass sämtlech politesch Parteien zu Letzebuerg ofgeléist a verbuede gin.

Den 28ten August gett e sogenannte "Stillhaltekommissar" agesat. Séng Missioun ass fir d'Aktivitéit vun all Vereiner an Organisatiounen ze kontrolléieren an da festze leen wat fir Vereiner an Organisatiounen kennten nach weider bestoe bleiwen. Duerch nämlech de Beschloss vum selwechten Datum gouwen all Vereiner an Organisatiounen opgeléist. Dono konnte bestëmmte Veräinegungen dei kee politescht Ziel haten, wé Sportverain oder Musekgesellschaften erem ënner geneemechte Bedingungen weider schaffen.
Et ass och schon den 30ten August wo dei franséisch Schreft um Stadhaus: "Hôtel de Ville" erausgemeesselt gett.
Diddelenger waren dru gewinnt dass verschidde Bäcker hinnen Brot a Gebäck bis an hir Haus bruecht hun. Vum 1te September war dat net méi erlabt. Et huet ze vill Bezin koscht.
Aus desen Opzielungen gesait een wéi bis de Gauleiter do war praktesch all Dag èng nei Verordnung eraus kum, awer Ziel lëtzebuerger Gewunnechter ofgeschafen an deutscher anzeféieren.
Eso ~~hat~~ hun och, wéi d'Primär Schoulen neis ugefangen hun, Grossherzoglech Biller aus de Klassesäll verschwannen an an all Sal dem Führer Hitler sei Bild opgehange gin.
Vum 16ten September un dierfen kéng auslännesch Radio méi gelauschtert gin.
Dei éischt Bezugsscheiner dei d'lëtzebuerger Verwaltungskommissioun nach dékretéiert hat gin do duerch ëcht deitscher ersat. Jiddereen muss perséinlech des Bezugsscheiner ofhuelen an ennerschreiwen dass e se kritt huet.
Am Kader vun der "Neuordnung der Lebensmittelbewirtschaftung" gin d'Ernährungs ämter agesat. En "Zentral-Ernährungsamt" dat Regional Ernährungsämter ersetze kann. Diddeleng krut eso en Ernährungsamt wat am Ufank am Stadhaus war, dunn ~~an~~ an Schoul B um Stritzbierg verluecht gouw.
Dei vun der Verwaltungskommissioun dékretéiert Rationnaliséierungs Bestëmmungen gin erem ofgeschaft an duerch neier méi restriktiver ersat.
Vun do un ass alles Rationnaliséiert a vir alles gett et Bezugsscheiner. Et gett "Seifenkarte" an "Zusatz Seifenkarte", et gett "Gutscheine" an och "Reisemarken"

Well u Friemer, also "Ortsfremde" dierf neischt verkaaft gin.
Ew hu mir Doddelénger no an no ze spiere kritt, wat dei nei Hären ons mat
dë "Neuordnung" beibrénge wollten